



## A Patati a Patata



A6-03



A Patata a Patata

I Op der eideler Bühn stin zwou grouss Keschten. An der enger setzt den Kaputchino, an der aanerer den Schuggel. Di zwee sin nach net ze gesin. Et kréint een Hunn.

Aus der enger Kescht kennt den K. eraus an biischt seng Zänn. Dann helt en den Hutt vum Kapp an fänkt un, sech mat der Zännbiischt d'Hoer ze kämmen; setzt den Hutt erem op, verschwennt an der Kescht, an kennt erem héich mat engem schwaarzen an engem weissen Schung. Elo biischt en d'Schung mat derselweschter Zännbiischt. Zur selwechter Zäit ass aus der aanerer Kescht den Schuggel an d'Lûut komm, huet d'Hoer doremmer stoen an gaapst fiirchterlech. Hien streckt sech an fänkt un ze turnen. T'éischt fänkt hien mat Kniebeugen un, sou datt säi Kapp wéi am Zäitlupentempo emmer an der Kescht verschwennt, an erem optaucht.

Kaputchino: Schuggel!

Schuggel: (ass erstarrt an senger Bewegung. Säi Kapp kuckt geraad iwert de Bord vun der Kescht eraus) Ja?

K.: Du bass ee Schwäin! (Späitzt zur Bekräftegung op d'Zännbiischt an schafft weider un sengen Schung)

Sch.: Ja! (Mecht virun Kniebeugen, elo awer ganz schnell)

K.: (Hält op d'Schung ze blenken, kuckt dem Sch. no, woubäi sei Kapp am gläichen Takt op an of geet, wéi dem Sch. sein. Hien miirkt et plötzlech, hält brüsk op an jäitzt): Schuggel!

Sch.: Ja! (Hien hält erem matten an der Bewegung op)

K.: Wells du wessen, fir wat dass du eent bass?

Sch.: Wat dann?

K.: Ee Schwäin!

Sch.: (zärtlech) Dach Kaputcho, du darfs mir et soen.

K.: Wéi oft muss ech dir et nach soen, dass ech Kaputchino heeschen. Ka - pu - tch - no !!!

Sch.: Du hues zevill ee laangen Numm. (Iwerzeegt) zevill laang Nimm gin ofgekiirzt!

K.: Do get näischt ofgekiirzt. Ech soen och net Schugg zu dir.

Sch.: Du darfs awer roueg Schugg zu mir soen. Schuggel gefällt mir souwisou net.

— ammen kucken

- K.: (laacht bretzereg) Jidfer Mensch huet eben deen Numm, deen hien verdingt. (Hien rezeitiert an mecht grouss Gesten) Ka - pu - tchi - no !! (Dann kurz a besseg) Schuggell! (Späitzt verächtlech op d'Schung an blenkt weider)
- Sch.: (denkt kurz doriwer no, dann): So, Kaputcho!
- K.: Kaputchino, du Iesel!
- Sch.: (onberéiert) So, Kaputchiino!
- K.: Ja?
- Sch.: Du wolls mir dach soen, firwat ech eent sin.
- K.: Wat?
- Sch.: Ee Schwäin. *an d'Zänn gewäsch*
- K.: Ah jo! Du bass ee Schwäin, wäls du dech net wäschs. (Hien zitíert Reklamen aus der Televisioun, iwert Seef, Zahnpasta an Déodorant) Kuck mech emol: D'Zänn gewäsch, d'Hoer gekämmt an d'Schung geblenkt! *Wätere Seefen!*
- Sch.: So, Kaputchiino! *gehört d' sin*
- K.: Ja?
- Sch.: Du hues awer komesch Schung. Een ass weiss, een aaneren schwaarz.
- K.: (betruecht se ausféierlech) Dat ass kuriéis!
- Sch.: Wat ass dat?
- K.: Komesch ass dat. An t'ass nach méi kuriéis!
- Sch.: Wat ass dat?
- K.: Nach méi komesch. Hei an der Kescht hun ech nämlech nach esou ee Puer! (Hien weist dat zweet Puer.)
- Sch.: Dat muss eng Schungkrankheet sin.
- K.: (ganz besuergt) Mengs du?
- Sch.: Villäicht ass se ustiechend!  
(Daucht enner kennt mat zwee riesegen schwarzen Schung erem erop. Hien triumphéiert:) Meng sin nach net krank.  
- Komm mir nemmen net mat dengem Schung ze no; Kaputcho!
- K.: (verbessert) ....tchiiiino!
- Sch.: (mengt, hien soll méi lues schwätzen. Hallef haard!) Net ze no, Kaputcho!
- K.: (werft rosen di véier Schung op de Buedem virun der Kescht.) Kaputcho, du Kaméil, Kaputchiino!
- Sch.: Du bass haut iwerhaupt net léif mat mir. Du hues gesot, ech wär ee Kaméil! Dat lossen ech mir net gefaalen!

*net an der  
Kess*

*jéimren!*

- K.: Fänk net un ze jéimeren, hellef mir aus der Kescht!
- Sch.: Jo. Kaputchiino. (De Sch. klemmt aus senger Kescht a kennt op de Stremp bei di aaner Kescht. Dobäi reckelt hien d'Schung, déi verspreeet doremmer leien, onversins esou zesummen, datt dat jéweil richtege Puer beieneen steet. Hien zitt deen Decken lues an d'Lûut.)
- K.: Opgepasst, net ze schnell!
- Sch.: (Hat hien bal aus der Kescht gezunn, do entdeckt hien plötzlech, datt all Kéier dat richtege Puer beieneen steet. Ganz paff léisst hien den K. lass. Deen fällt mat vill Kaméidi hannescht an d'Kescht. Interesséiert kuckt den Sch. sech d'Schung vun no un)
- So, Kaputcho!
- K.: (et geséit een hien net, verbessert huel aus der Kescht) Kaputchiino!
- Sch.: So, Kaputchiino, kuck dir emol di Schung un. Déi sin erem gesond.
- K.: (Kuckt iwert den Bord vun der Kescht) Dat stemmt! Phantastomatesch!
- Sch. Ech wees och, firwat si erem gesond sin. Däin Sturzflug war et. Kleng-Kanner mam bloen Houscht gin och emmer mam Flieger geheelt. Dat wärd ech an all Zäitungen schräiwen: Schuggel heilt kranke Schuhe! Wirkt effeff eins und großartig sofortschnell!
- K.: Schwätz net esou domm!
- Sch.: Wisou?
- K.: Du kanns dach iwerhaupt net schräiwen.
- Sch.: Awer liesen kann ech!
- K.: Wat, liesen kanns du! Dann lies emol fir, wat an der Zäit-ung steet!  
(Helt eng Zäitung aus der Kescht, an get se dem Sch.)
- Sch.: (helt d'Zäitung verkéiert, schléit se op, murmelt, wobéi hien mecht, wéi wann hien géif liesen) Mhmm mhm..mhm..mhm...
- K.: (klemmt aus der Kescht an kuckt interesséiert dem Sch. iwert d'Scheller. Iwerrascht an freedeg): Lies dach méi haard!
- Sch.: (dreckt den K. e puer Schrett zereck a stellt sech an Positur. Den K. waart gedelleg a staunt. Den Sch. leiert,



*Welle Fassung*

- Sch.: woubäi hien d'Liesen staark erausbrengt)
- Zwei Frösche gingen samstags  
 In den Frisiersalon  
 Sie wollten sich (dréihnt d'Blaad em)...!  
 .....frisieren  
 Nach neuester Fasson.  
 Da sprach der Herr Frisierer:  
 "Ihr seid ein dummes Paar!  
 Wie soll ich euch... (dréihnt e weidert Blaad em)  
 .....frisieren.  
 Ihr habt doch gar kein Haar!"
- K.: (lauschtert andächtig no a bewegt de Kapp am Rythmus vun den Versen. Plötzlech kuckt en stur op d'Titelsäit, dréihnt de Kapp no ennen a kuckt se vun no, kuckt dem Sch. iwert d'Scheller. Dann waart hien mat grimmigem Gesicht bis den Sch. färdeg ass. Den Sch. kuckt ronderem sech, waart drop, datt den K. soll applaudéieren. Den K. helt him ganz roueg d'Zäitung aus der Hand, faalt se an schléit dem Sch. se op de Kapp.) Du Gauner! (beetscht en) Du Schwindler! (beetscht en) Du Wandbeidel! (beetscht en) Du Holzbock! (beetscht en zweemol) Du kanns iwerhaapt net liesen, du hues alles ausweneg gesot. Du haas d'Zäitung jo op der Kop ech hun et un den Biller gesin.
- Sch.: (kräischt) Du bass gemeng. De ganzen Daag jäitzt du mat mir. T'éischt sin ech ee Schwäin, dann ee Iesel, dann ee Kaméil an elo ee Geessebock.
- K.: Geessebock!! Holzbock hun ech gesot. Dat bass du.. (Den Sch. kräischt méi haard.) Dann eben een Holzbeckelchen. (Den Sch. kräischt nach emmer. Den K. weltt alles erem gudd machen) Ee klinzegklengen Holzbeckelchen.
- Sch.: An geschlo hues du mech och!
- K.: Awer nemmen mat Papäier!
- Sch.: Awer geschlo, ech sin net méi däi Frenn!
- K.: Sief net gläich esou beleidegt. Ech schenken dir och eppes!
- Sch.: (mecht direkt d'Kéier) Wat dann?
- K.: Mein Nuesschnappeg. Fir deng Tréinen ofzebotzen.  
 (Den K. zitt e grousst Nuesschnappeg eraus, et ass voller Lächer. Hien get et dem Sch.)
- Sch.: (helt et, stecht de Fanger durch ee Lach an resselt de Kapp Schliesslech leet hien op seng Hand an wescht sech d'Tréinen of. Awer d'Lächer stéieren hien, hien kräischt erem)
- K.: Wat brells du dann elo nach?

- Sch.: Däin Nuesschnappeg huet Lächer!
- K.: Lächer? Wou dann?
- Sch.: Hei!
- K.: Dann dréihn d'Nuesschnappeg dach einfach em.
- Sch.: (ass frou, dréihnt d'Nuesschnappeg em. Et dauert net laang, dann get sei Gesiicht erem däischer) Do sin och Lächer!
- K.: Wat een komeschen Zoufall, hannen sin Lächer a viir och.
- Sch.: Dat ass dach emmer sou.
- K.: Wat ass emmer sou?
- Sch.: Elo fänks du schon erem un ze streiden.
- K.: Wanns du sou een Eefalt verzaaps. Zenter wieni geséit alles t'selwescht aus vun hannen an vun viir... Ech wärd dir elo beweisen, dass du vun hannen aanescht ausgeseis, wéi vu viir. Stell dech emol dohin. An elo verziel mir, wat's du geséis! (Hien stellt den Sch. vir op d'Bühn mam Gesiicht zum Publikum)
- Sch.: (Zitt d'Schelleren an d'Lûut, kuckt an de Publikum) Leit!
- K.: Neen, neen, neen, Du solls dech kucken, deng Viischtséit. Wat geséis de?
- Sch.: Ee Knapp, nach ee Knapp, ee Bauch, zwee Been an vill Stremp.
- K.: (Während der Opzielung huet hien ganz wessend mam Kapp di richtig Saachen bejot, dréiht elo den Sch. em, soudatt hien dem Publikum de Reck weist.) Wells du elo emmer nach behaupten, dass du vun hannen <sup>d'ellwecht</sup> aanescht ausgeseis wéi vu viir. (Hien triumphiert) Dann so mir: Wat geséis du elo?
- Sch.: Ee Knapp nach ee Knapp, ee Bauch, zwee Been an vill Stremp.
- K.: Oh du, du, du Do ! (Rosen werft hien d'Nuesschnappeg nom Sch.)
- Sch.: (geet beleidegt fort)
- K.: Schuggel!
- Sch.: (hien kemmert sech net drem, geet virun. Den K. rennt him no, hält hien fest iir hien hannert den Kulissen verschwennt)
- K.: Sief dach net emmer gläich esou beleidegt. Ech well dir dach nach eppes weisen.
- Sch.: (bleiw stoen, kuckt awer nach beleidegt iwert den K. weg)
- K.: Schuggelchen! (schmeecherlech)
- Sch.: Weisen! Du wells nemmen iwert mech laachen. Weis mir et un denger Kescht!
- K.: Wat?
- Sch.: Dat mat hannen an mat viir.

- K.: Dat geet net.
- Sch.: Aha! Dat geet net. Aha! Aha!
- K.: Jo, well se ze schwéier ass.
- Sch.: Ausrieden! Nemmen Ausrieden!
- K.: Neen!
- Sch.: Dach!
- K.: Neen!
- Sch.: Dann dréihn se dach em, di Kescht!
- K.: Also gutt, elo stellen mir se op de Kapp!
- Sch.: Aha, op mein?
- K.: Neen.
- Sch.: Aha, op dein?
- K.: Emdréihnen! Mir müssen se emdréihnen. Paak mat un!  
(Zwou Säiten vun der Kescht sin gring ugestrach, zwou Säiten rout. D'Kescht stung esou iwer Eck, datt ee vum Publikum aus, nemmen di zwou gring Säiten konnt gesin. Elo get d'Kescht ugehewen an ganz schnell op d'Kopp gestallt. Elo sin di zwou roud Säiten ze gesin. Den K. an den Sch. sin allenzwee iwer-rascht, wéi si di nei Faarw gesin, den K. esouguer nach méi wéi den Sch. *geruwend*)
- K.: Hues du dat gesin. T'éischt war se gring, elo ass se roud.
- Sch.: Staark!
- K.: Phantastomatesch!
- Sch.: Tonnen! Elo stellen mir meng Kescht op de Kapp.
- K.: Gutt! Stellen mir deng op de Kapp. Wat sin dat fir komesch Lächer op der Sait?
- Sch.: Déi hun ech erausgeseet.
- K.: Firwat?
- Sch.: Da kann ech d'Hänn erausstrecken fir ze wessen, ob et reent.
- K.: Sou eppes Blödes!  
(Den Sch. beckt sech iwert den Bord vun senger Kescht an zitt allerhand Kreemchen eraus ennert áanerem Schung, eng hallef-voll Flesch Waasser. Hien reecht alles dem K. deen alles op ee Koup tesselt. Wann eppes him besonneg gutt gefällt stepst hien et un sengem Aarm of an léisst et an senger Täschen verschwannen. Dann paaken se allenzwee d'Kescht un an dréihen se em. Si verännert hir Faarw net.)
- Sch.: Mir probéieren et nach eng Kéier. (Si dréihen se)

19 30

K.: Blöd Kescht!

Sch.: Blöd Kescht! (Hien rennt rosen mat de Féiss derwidder.)

K.: (virun senger Kescht) DAT ass eng Kescht. Komm, mir dréihnen se! (Si dréihnen se) Geséis de: gring (Si dréihnen se) An elo roud. Tonneflott. Phantastomatesch!

Sch.: Kaputcho!

K.: tchiiiiino!

Sch.: So, Kaputchiino, schenks du mir deng Kescht.

K.: Hues du ee Wuurm an der Biir?

Sch.: Koppelen mir? Meng ass méi grouss!

K.: (tippt sech mam Fanger op d'Stiir)

Sch.: Léins du mir se eng Kéier?

K.: (Hiewt d'Nuesschnappeg op, fänkt un d'Kescht ze stepsen) Eng Kescht léint ee net!

Sch.: Awer eranklammern därf ech!

K.: Mat deenen knaschtege Féiss?

Sch.: Ech kann jo Schung undoen. *Schung siche*

K.: Ongeblekter?

Sch.: Wanns du mech net draléiss, sin ech erem ganz uerg beleidegt!

K.: (geet net drop eran. Späitzt an séin Nuesschnappeg an poléiert weider un der Kescht.)

Sch.: Ech siche mir eben een aaneren Frend! *Schung mat*

*10 20*

II K.: (De K. kennt eran, helt d'Zännbiischt aus der Täscher an blenkt domat d'Kescht. Den Sch. kennt erangeschlendert, gesäit den K. bei der Kescht).

Sch.: Ech well keen aaneren Frend. Et war nemmen am Spaass!

K.: (iwert dem Blenken) Et hat awer ganz eescht geklongen!

Sch.: T'war wirkleech nemmen Spaass. Kaputchiino.

K.: Déi Zort vu Spaass ass iwerhaapt net leschteg!

Sch.: Du hues recht, Kaputchiino, et war een dommen Spaass. Du kanns vill besser Spaass maachen. Spill dach emol Sprangbûur wéi geschter, dat war leschteg.

K.: Ech muss t'éischt meng Schung undoen.

Sch.: Ech brengen dir se, Kaputchino. Di schwaarz oder di weiss?

K.: *Di* Du weiss natiirlech, du Dreibiitz!  
(De Sch. leeft d'Schung siche. De K. helt him d'Féiss dohin, de Sch. beckt sech an zitt him se un)

Sch.: An dann spillen mir zesummen Sprangbûur, net?

K.: Zesummen geet net, de Sprangbûur kann nemmen een spillen!

*Swizette Gaby*



- Sch.: Du dürfs de Bûur spillen, ech huelen d'Waasser.
- K.: Mir hun kee Waasser!
- Sch.: Dach, eng ganz Fläsch hallef voll. (Hien helt d'Flesch)  
Ech gin een Eemer sichen!
- K.: Mir brauchen keen Eemer.
- Sch.: Keen Eemer!
- K.: Mir spillen haut automateschen Bûur mat Elektro.
- Sch.: Wéi geet dann dat?
- K.: Du stells dech virun de Bûur an du sees: Wasser w.e.g. Waasser
- Sch.: An dann?
- K.: Dann kriss du es?
- Sch.: Wouranner dann?
- K.: Dat wärs du schon gesin.
- Sch.: Prima. Waasser, w.e.g. Waasser!
- K.: Stop, esou schnell geet dat net. Du gees t'éischt e puer Schrett, dann kenns du erem, an du sees et.
- Sch.: (geet schnell e puer Schrett. Den K. well heemlech de Mond voll Waasser huelen. Grad wéi en d'Fläsch usetzt, dréiht sech den Sch. em a freet:) Richtig esou?
- K.: (verstoppt schnell d'Fläsch hannert sengem Reck, schett sech dobäi d'Waasser iwert de Reck. Hien iwerspilt d'Situatioun an seet frendlech) Neen, nach ee Steck méi wéit!  
(Während den Sch. weidergeet, botzt en iirgerlech d'Waasser of. Dann setzt hien d'Fläsch un. Den Sch. dréihnt sech fir zweet em, nach eng Kéier schett den K. sech d'Waasser iwert den Costume, wéi en d'Fläsch wollt verstoppen)
- Sch.: Soll ech kommen?
- K.: Fro dach net no all drei Schrett ob's du solls kommen. Géi
- Sch.: Gutt, Kaputchino, ech gin weider. weider!
- K.: (helt den Mond voll Waasser, steet mat decken Baaken do an waart op den Sch. Deen marschéiert alt nemmen weider. Verschwennt seitwärts an den Kulissen. Den K. waart, klappt ongedelleg mat dem Schung op de Buedem. Schliesslech späitzt en d'Waasser an héigem Bou aus dem Mond a brellt) Schuggel!
- Sch.: (kennt freedeg ugerannt) Waasser w.e.g. Waasser!
- K.: Neen, neen, neen, du mechs alles falsch. Mir fänken nach eng Kéier un. Du gees elo zing Schrett dann dréihns du dech em, an kenns bei mech. Verstaan?
- Sch.: Verstaan, Kaputchino. Eent, zwee, drei, véier, sechs, fennef, aacht, zing! Ech kommen!

- K.: (helt den Mond voll Waasser. Den Sch. stellt sech op virun den K. kuckt en fir ze froen ob et sou richtig ass. Den K. wenkt mam Kapp.)
- Sch.: Waasser, w.e.g. Waasser!
- K.: (späitzt him d'Waasser an d'Gesicht, fällt em vu Laachen, schléit dem Sch. emmer erem op d'Scheller)  
Ha, ha, ha. Dat war Spaass. Phantastomatesch! Dat war leschteg Du häss déi Gesicht missen gesin, wéi d'Waasser geflu koum. Wéi ee Reenwûrm. Ha, ha, ha.
- Sch.: (wäscht sech mat den Aerem d'Gesicht drechen, hien huet Méi fir sech ze beherrschen)  
Sou, elo spillen ech Sprangbûur, an du geess Waasser sichen!
- K.: Du de Sprangbûur? (laacht nach emmer)
- Sch.: Jo, ech!
- K.: Ech gin Waasser sichen?
- Sch.: Jo, du!
- K.: Gutt, ech gin Waasser sichen! (Hien dreckt him d'Fläsch an de Grapp, an geet e puer Schrett. Den Sch. steet grimmege do, prett fir seng Revanche ze huelen. Hien helt eng deck Schlupp a steet do mat ganz decke Baken.)
- K.: (bleiwt stoen, ouni sech emzedréihnen) Schuggel?
- Sch.: (späitzt schnell d'Waasser eraus) Ja?
- K.: (scheinhelleg) Bass du souwäit?
- Sch.: Jo, Kaputchino! (helt schnell eng Schlupp)
- K.: Schuggel?
- Sch.: (späitzt erem eraus) Ja?
- K.: Soll ech elo kommen?
- Sch.: Jo! (helt erem eng Schlupp)
- K.: Schuggel? (T'éischt keng Aentwert, nach eng Kéier) Schuggel?
- Sch.: (späitzt eraus) Wat ass dann?
- K.: Ech kommen! (Den Sch. drenkt schnell, den K. geet op den Sch. duer a stellt sech virun hien op. Den Sch. grommelt onverständlech Wieder)
- K.: Wat sees du, Schuggel?
- Sch.: (späitzt d'Waasser eraus, rosen) Dat ass dach falsch, du muss et soen!
- K.: Wat muss ech soen?
- Sch.: Waasser, w.e.g. Waasser!
- K.: W.e.g. wat? (dréihnt sech em an helt eng grouss Schlupp)
- Sch.: (ganz haard, ganz roosen) Waasser, w.e.g. Waasser!

K.: (sprutzt dem Sch. d'Waasser an d'Gesicht, rullt sech vu Laachen.) W.e.g. ha, ha, ha, w.e.g. hahaha, Waasser, hahahahaha! Phantastomatesch!  
 (Den Sch. mecht en erwaardungsvollt Gesicht)

Sch.: ~~Dat war eng Douche, ei, dat war eng Douche, elo ass bestemmt, den Blatz aus mengen Aen. Weills du emol kucken?~~  
 (Den K. huet opgehaalen mat sech um Buedem rullen. Während hien sech emständlech ophiewt, helt den Sch. eng deck Schlupp

K.: Weis emol, wou ass dem Sch. säi Blatz!  
 (Hien stellt sech virun den Sch. an kuckt hien an d'Gesicht. An deem Moment späizt den Sch. dem K. d'Waasser an d'Gesicht. Den K. deet Kreesch :) Mäin Handdusch! mäin Handdusch!!  
 (an leeft eraus)

Sch.: Hahaha, de Blatz, hahaha, de Blatz, hahaha!  
Phantastomatesch! Kaputchino, Kaputchino, wou bass du dann?  
 (leeft fort nom K. kucken.)

*111*  
*Kathy*  
*zur Dir raus*  
 III (Den K. kennt eran, den Sch. hannendrun, si spazieren ronderem d'Keschter bis den K. verächtlech mam Fouss am Sch. seng Kescht rennt)

Sch.: Loss meng Kescht a Rou!  
 (Den K. rennt demonstrativ eng zweeten Kéier mam Fouss géint d'Kescht. Den Sch. geet an voller Roserei beim K. seng Kescht en rennt mam Fouss dowidder. Doraus entweckelt sech een Duell no folgenden Regeln: Jiddferen kuckt opmiirksam no, wann deen aaneren seng Roserei un der Kescht erausléisst, ennerhelt awer näischt fir deen aaneren ze stéieren, mä rächt sech mat enger Contre-attaque an kuckt dono deen aaneren ganz siegesbewusst. D'Keschten gin gerannt, geboxt, geschlo, mam Henneschten weggeschubst, ugespaut, mat den Neel zerkrast, asw. Bis schliesslech den Sch. dem K. ee gewalteen Fouss hannebäi get, an vun Peng am Krees hopst an sech de Fouss unhält. Elo laacht den K. erem)

K.: Haha, hien hopst doremmer wéi ee Fräsch! Phantastomatesch.

Sch.: (streckt dem K. d'Zong eraus, bäh, klemmt an seng Kescht an verschwennt ganz dran)

K.: (geet bei seng Kescht, probéiert se emzedréihnen, awer eleng geet et net. Hien probéiert e puermol, get et dann op, an reest beim Sch. seng Kescht. Den K. setzt nach emmer ennen an der Kescht, an brummt wéi den Motor vun engem Flieger. Den K. kennt interesséiert méi no) He, Schuggel!

- Sch.: (äntwert net)
- K.: Schuggel!
- Sch.: (streckt queesch de Kapp eraus) Ja?
- K.: Wat mechs du do bannen?
- Sch.: Ech spillen Flieger (Mecht wéi ee Motor, verschwennt an der Kescht)
- K.: Et ass ganz ganz falsch. E Flieger muss Flilleken hun.
- Sch.: (kennt an d'Lûut) Flilleken?
- K.: Jo, Flilleken, wéi d'Hinger an d'Kueben.
- Sch.: Meng Kescht huet awer keng Flilleken.
- K.: Da streck einfach deng Aerm eraus, sou (mecht et vir)
- Sch.: (mecht et no, an summt dobäi wéi ee Motor. Den K. kuckt interesséiert no, d'Spillchen gefällt him. Hien fängt och un wéi ee Motor ze brummen)
- K.: Schuggel!
- Sch.: Ja?
- K.: Streck dach deng Aerm durch d'Lächer, da gesäit et richtig echt aus!
- Sch.: Durch d'Lächer am Nuesschnappeg?
- K.: Dräibiitz! Durch d'Lächer an der Kescht!  
(Den Sch. streckt seng zwou Hänn durch d'Kescht, no baussen. Dobäi get sein rechtsen Arm ganz kleng, sei lenksen riisengrouss. Dest geschitt esou, datt den Spiller no lenks eng verstoppten riisengrouss Hand erausdreckt, no rechts ee Poppenaar, deen t'selwecht ausgesäit wéi dem Sch. säin Costume. Déi zwou Saachen waren virdrun mat engem Rimm fest un der Kescht ugebonnen, datt se beim Dréihnen vun der Kescht net konnten erausfaalen)
- K.: (jäitz ganz opgereegt) Schuggel! (Weist op dee groussen Aarm.)
- Sch.: Wat ass?
- K.: Déin Aarm!
- Sch.: Wat ass domat?
- K.: Ganz grouss, riisengrouss! Dat ass phantastomatesch!  
Ass deen aaneren och esou grouss?  
(Rennt op di aaner Säit vun der Kescht)
- Kleng, ganz kleng! Wéi mechs du dat?
- Sch.: (zitt di zwou Aerm zereck, beckt sech aus der Kescht fir seng Aerm ze kucken, steet an der Kescht, kuckt vun baussen, durch d'Lächer no bannen. Grinst, ouni ze verstoen wéi et méiglech ass, an zitt d'Schelleren an d'Lûut.)

- K.: Streck emol den Arm durch d'Lach! Net ze gleewen!  
An elo dee lenken, ech gi geckeg!
- Sch.: (streckt de Kapp iwert de Bord vun der Kescht a kuckt seng komesch Aerem. Hien erféiert an zitt schnell d'Aerem zereck, steet op an ennersicht - elo erem seng normal Aerem, probéiert virsichtig nach eng Kéier, dann gët seng Begeeschterung emmer méi grouss.)  
Et deet iwerhapt net wéi! Dat ass tonnendecke Gas. Phantastomatesch, ganz phantastomatesch ass dat. Dat ass eng Kescht hein? Sou eng get et net nach eng Kéier?
- K.: Dat ass staark! Ech muss gläich probéieren, ob et bei mir och geet. (Well an dem Sch. seng Kescht klammen)
- Sch.: Mä, gees du wuel aus menger Keschteraus! Dat géif dir esou passen, t'éischt op meng Kescht späizen, an dann wellen era-klammen!
- K.: Dat war dach nemmen Spaass, Sch. Et war jo net drop gaangen, ech hat doniewend gespaut, - sou. (Späitzt doniewt)
- Sch.: Ech fannen d'Späizer iwerhapt net schéin.
- K.: Sief net gläich esou ageschnappt, ech maachen et jo net méi. T'ass souwisou elo ganz drehen an mengem Mond. Hei kuck, et kennt näischt méi. (Hien mecht wéi wann en géif späizen, et kennt näischt)
- Sch.: Hm! hm! Awer du has op meng Kescht gespaut.
- K.: Ech weschen et jo erem eweg. Mir wellen dach duerfir net streiden. (Helt sei Nuesschnappeg eraus a wescht kräfteg un der Kescht) War et hei?
- Sch.: Neen, hei! (Den Sch. weist op eng aaner Plaz, den K. wescht of. Den Sch. weist op di entgéigengesat Säit) An do! (Den K. wescht och do of)
- K.: (iwert dem Weschen) Ech fannen et schéin, dass mir eis erem verdroen, vun elo un sin ech emmer déi Frend. T'war jo nemmen Spaass, wat ech elo éinescht gesot hat.
- Sch.: Kaputcho!
- K.: Ja Schuggel! (Hien wollt t'éischt verbesseren, léisst et awer dann sin)
- Sch.: Do ennen has du och nach gespaut!
- K.: (Botzt ennen propper) Mir kennten och emol tauschen. Ech léinen dir gären meng Kescht, wanns du se emol wells!

- Sch.: Eng Kescht léint een net.
- K.: Et muss jo net sin, et war jo nemmen gudd gemengt.  
(Botzt weider)
- Sch.: Kaputcho!
- K.: Ja, Schuggel?
- Sch.: Ech kann net ausstoen, wanns du bei der Aarbecht den Hut ophuës!
- K.: Soll ech en ofdoen?
- Sch.: Jo, gef heihinner! (Setzt sech den Hut op)
- K.: Därf ech elo dran?
- Sch.: Herno, Kaputcho!
- K.: Firwat, herno?
- Sch.: Mir wellen t'éischt spillen!
- K.: Ech weess awer guer keen schéint Spill, mir kennten léiwer singen.
- Sch.: Blöd.
- K.: Do hues de Rescht!
- Sch.: Firwat hun ech Recht?
- K.: Singen ass blöd.
- Sch.: Ween seet dat?
- K.: Du!
- Sch.: Do muss du dech verhéiert hun. Mir kennten zesummen haart singen!
- K.: Du kanns jo guer net singen!
- Sch.: Awer du!
- K.: Wéi sollen mir dann zesummen singen, wanns du net sange kanns.
- Sch.: Mir singen eben sou zesummen, dass du haart sengs an ech haart nolauschteren.
- K.: Ma, dat geet dach net.
- Sch.: Dann eben net! (Hien fänkt un fir sech eleng ze spillen.  
Hien stecht den Arm durch d'Lach, an seet: bäng!!!  
zitt en zereck a seet: wumm!!! Emmer sou weider.
- K.: Deet dat wirklech net wéi?
- Sch.: Wat?
- K.: Wann déin Arm esou grouss get?
- Sch.: T'spiirt een iwerhaapt näischt! Bäng! Wumm! B - W.  
(Bei den leschten Wiirder kennt den Trommler eran. Hien huet eng deck Tromm emhänken, an huet wéiss Händchen un. Hien schléit een zackegen Marschrythmus, an sengt Ramtata oder Täterä... Hien marschéiert an engem groussen Hallefkrees



- iwert iwert d'Bühn, ouni di zwee ze bekucken, an verschwennt esou, wéi en komm ass. Den K. an den Sch. haalen op mat Spillen, de Mond bleiwt hinnen opstoen. Den Sch. klemmt op d'Kescht fir den Trommler besser ze gesin, den K. zitt en erof.)
- Sch.: Hues du dat gesin? Hues du dat gesin? Sou ass en gaangen!  
(Marschéiert iwerdriwen) Ramta - ta Ramta - ta!  
(Spillt d'Tromm) Ramta - ta! (Den K. stellt him de Fouss, den Sch. fällt op de Bauch)
- K.: (Jäitzt den Sch. un, deem um Buedem leit) Ramta - ta!  
Ramta - ta ! T'ass deng, Schold, dass en erem gaangen ass, du häss sollen mat him schwätzen!
- Sch.: Firwat hätt ech sollen mat him schwätzen! Du bass dach deen Decken!
- K.: Ech deen Decken, dass ech net laachen!
- Sch.: Mir kennen jo mossen! *grosse helle*
- K.: Jo, dat kennen mir. (Hien deet d'Jackett aus, mosst seng Heften mat den Hänne, weist d'Entfernung). Esou denn sin ech!  
(Geet bei den Sch. leet di eng Hand op säin Schung, an streckt di aaner bis op dem Sch. säin Kapp. Weist mat wéit ausgestreckten Aeren) An esou deck bass du!
- Sch.: Du hues gefuddelt!
- K.: Ech soll gefuddelt hun?
- Sch.: Du has deng Jacqueline ausgedoen (Hien deet och d'Jacquette aus) Hein, elo sin ech och denn!  
(An dessem Ableck kennt den Trommler erem. Wéi virdrun marschéiert hien iwert d'Bühn an verschwennt erem. Di Zwee din schnell hir Jacquetten erem un)
- K.: (an engems) Dajé, so eppes! Ried en un ! ... Elo ass en dach erem fort, du Elefant!
- Sch.: (kräischereg) <sup>jäizen</sup> Emmer jäitzt du mat mir. Ech weess dach guer net wéi ech en urieden soll.
- K.: Abe gudd, dann üben mir dat. (Hien helt den Sch. mat den Schelleren an stellt en an d'Mett fun der Bühn. Dann geet en bis un den Bord vun der Bühn, stellt sech a Positur, hiewt den klengen Fanger, a fänkt un, den Trommler ze spillen. Marschéiert mat Ramta- ta iwert d'Bühn, den Sch. rennt him no an marschéiert begeeschtert mat. Den K. verzitt genervt d'Gesicht, bleiwt stoen, stäipt d'Aeren an d'Säit. Den Sch. rennt widdert den K. marschéiert am Stoen weider, bis en no an no bekäppt.)

- K.: (brells) Du solls mech dach unrieden!
- Sch.: Wat soll ech dann soen?
- K.: Gudde Moien, ech sin den Schuggel!
- Sch.: Hähähä. Schuggel! Du heeschs dach Kaputcho!
- K.: Awer du heeschs Schuggel, du Nilpärd.  
(Den Tr. kennt eng dretten Kéier. Si drecken sech géigesäiteg an seng Richtung, fuerderen een deen aaneren op, hien unze-rieden. Wéi den Tr. schon bal erem fortwar, stellt den K. sech him an den Wee, hien mecht eng endlos déif an laang Verbeugung. Den Tr. bleiwt stoen, hält op mat Spillen. Den K. bleiwt nach ennen mam Kapp. Vun ennen):  
Gudde Moien !
- Tr.: (ganz knapp) Moin!
- K.: (nach emmer vun ennen) De Sch. well dech unspriechen.
- Sch.: (flüstert) Unrieden!
- K.: (kennt erop) Wat sees de?
- Sch.: Unrieden!
- K.: (erem ennen) De Sch. well dech unrieden,
- Tr. Ah sou!  
(Den K. hält op mat senger Verbeugung, dreckt den Sch. no vir, an sein Kapp erof zu enger Verbeugung)
- K.: Allez, so eppes!
- Sch.: Sou, do ennen!
- K.: Ma, du schwätz dach.
- Sch.: (motzeg) Moien, ech sin den Schuggel.
- Tr.: Weess ech schon.
- Sch.: (erem héich begeeschtert zum K.) Deen kennt mech!  
(zum Tr.) Kenns du deen och!
- Tr.: Neen.
- Sch.: Dech kennt en net. - Dat ass den Kaputcho.
- K.: Kaputchiiiiino!
- Sch.: Mir fannen dat schéin, wéi's du goen kanns, ramta -ta, ramta -ta. (Fänkt un ze marschéieren.)
- K.: Jo, phantastomatesch!
- Sch.: An di Trommel, richteg schéin trommeleg, ramta-ta-ramta-ta  
(Hien spillt Tromm, den K. léisst sech ustiechen)
- Tr. (schléi op d'Jummdeckelen a brellt): Roueg! - Eischtens heescht dat net goen, mä marschéieren, an zweetens... kann een iech net nokucken, sou falsch marschéiert dir.
- Sch.: Du kanns eis jo weisen, wéi een marschéiert.
- Tr.: Marschéiert!

- Sch.: Diirfen mir och op d'Tromm schloen?
- Tr.: (schléit op d'Tromm a brellt): Roueg! T'éischt get marschéiert, dann därf op d'Tromm geschlo gin.
- K.: Phantastomatesch.
- Sch.: Tonnen decke Gas.
- Tr.: Roueg! Et get net doteschend geschwât (Stellt sech a Positur) Alles untrieden!
- Sch.: (weess senger Hänn kee Rot) Un wat sollen mir trieden?
- K.: Ech weess et och net. Un alles huet hien gesot.
- Sch.: Mir kennen dach net un alles trieden.
- K.: Dann eben nemmen e besselchen. Allez hopp, lass ier hien erem ufänkt ze brellen. (Stéisst den Sch. mam Iellebou. Den Sch. rennt mam Fouss an d'Loft. Dann stin di zwee do an bekucken den Tr. fir erauszefannen, wat hien gemengt huet.)
- Tr.: (brellt) Dir sollt iech an eng Rei opstellen!
- K.: Ah sou!
- Sch.: Geseis de!  
(Sie bleiwen allenzwee onbeweglech stoen.)
- Tr.: Wat ass lass. Geet et bal?
- K.: Do ass keng Rei!
- Sch.: Néierens.
- Tr.: Een soll sech hannert deen aaneren stellen.
- Sch.: Ah sou!
- K.: Dat hätt hien jo gläich kenne soen, (Den Sch. stellt sech virun den K.)
- K.: He, hien huet gesot, hannert deen aaneren. Elo stees du viru mir!
- Sch.: Pardon! Pardon! (Stellt sech hannert den K.) Elo stees du jo viru mir, du muss dech hannert mech stellen.
- K.: Ech bleiwe stoen, wou ech stin.
- Sch.: Och gutt. (Stellt sech erem virun den K.)
- K.: Wells du wuel hannendrun goen, du Dreckspatz. Ech marschéieren viir!
- Sch.: Mengs de!
- K.: Dat wärten mir jo gesin (Stellt sech virun den Sch.) Du denks wuel, du kenns viir marschéiern, wells du zwee Lächer an denger Kescht hues, wéi?
- Sch.: Du bass jo nemmen neidesch, wells du mat denger Kescht net grouss a kleng maachen kanns!
- K.: Grouss a kleng! Grouss a kleng. Meng Kescht ass siwenzengmol besser wéi deng!

- Sch.: Besser? (Zum Tr., deen ongedélleg nogelauschtert huet)  
Komm, ech weisen dir meng Késcht.
- Tr.: Elo gét marschéiert!
- K.: Neen, meng Késcht! Komm bei meng Késcht. (Rennt bei d'Késcht)  
Schuggel, komm, mir dréihnen se em.
- Sch.: (dréihnt him den Reck)
- Tr.: (zum Sch.) Allez hopp. Hëllef him, datt mir endlech  
marschéieren kënnen. (Den K. an den Sch. dréihnen d'Késcht  
zweemol em.)
- K.: Ass dat nët eng Wonnerkéscht, hein? Geséis de : Gring!  
An elo opgepasst: Rout. Staark, wéi? Phantastomatesch!
- Tr.: (iwwerrascht) Formidabel!
- K.: An elo weisen ech dir dem Sch. seng Késcht, do wärt's de  
nach eng Kéier staunen. (well an dem Sch. seng Késcht  
klammen)
- Sch.: Léiss du meng Késcht (Zitt den K. weg, klémmt selwer dran)  
Pass op: Wumm - bääng Wumm - bääng!
- Tr.: Donnerwieder!
- Sch.: bääng - wumm - bääng - wumm!
- Tr.: Esou eppes hun ech nach nët gesin.
- K.: Wat fir eng gefällt dir am Beschten? Meng?
- Sch.: Natiirlech, meng!
- Tr.: Si gefaalen mir allenzwou, allenzwou! (Hien kuckt interess-  
éiert d'Késchten.)
- K.: Ween diirf dann virmarschéieren?
- Tr.: Wéi? Wât? oh marschéieren! Losst mech nodenken!  
Am beschten jidferen übt fir sech eleng.  
(Hien hänkt dem K. d'Tromm em) Allez hopp, een zwee,  
een zwee ...!!! (Hien schubst den K. vun der Bühn a rifft  
him no:) An gutt geübt, an nët no 300 Schrétt an d'Getten  
goen. (Den K. wiesselt mat engem aaneren Spiller)
- Sch.: Oh-jo, deen diirf marschéieren an och nach op d'Tromm schloen!
- Tr.: (leet him d'Hand op d'Schëller) Loss en! Du kënnst och nach  
drun! Da geet d'Tromm nach vill méi haart!
- Sch.: Méi haart?
- Tr.: Vill méi haart. Déi muss t'éischt waarm gin. Soss hätt ech  
dach nët deen Decken t'éischt fortgescheckt.
- Sch.: Ween?
- Tr.: Deen Decken. Du kanns en jo och net leiden.  
(Den Sch. well den Contraire behaupten, awer den Tr. léisst

- en nèt zu Wuert kommen)  
Wéi en dech ëmmer behandelt, richtig gemeng!
- Sch.: Jo, ech muss ëmmer Kaputchiino soen.
- Tr.: Geséis de! Bestëmmt léisst en dech nèt emol an seng Kescht!  
Deem misst een emol eng spillen, Et sollt een him eppes  
weghuelen, wat en gär huet.
- Sch.: Sein Hut! Deen huet en ëmmer op, souguer wann e schléift.
- Tr.: Richtig, sein Hut. Awer deen kënnen mir nèt weghuelen, well  
en nèt do ass. Wat kennt een nëmme weghuelen?
- Sch.: (kuckt sech em, hien rësselt d'Schëlleren....
- Tr.: Wann hien nëmme eppes heigelooss hätt!
- Sch.: Do ass nëmme seng Kescht.
- Tr.: Richtig! Sou, nu komm a paak un.
- Sch.: Mé, dat geet dach net, wat seet dann den Kaputcho?  
Wuer soll se dann hin?
- Tr.: Do iwer steet mein Camion. Paak un!
- Sch.: An wann den Kaputcho jäitzt?
- Tr.: Wéi soll hien dann jäitzen, mir soen, mir hätten näischt  
gesin.
- Sch.: Awer dono gin mir him se erëm!  
(Et héiert een d'Tromm méi nokommen)
- Tr.: Schnell, mir müssen d'Këscht verstoppen. Den Kescht ass  
méi grouss, dann stellen mir se doran. Allez hopp!  
(Si stellen di zwou Këschten aneneen. Dobäi schëdden si  
d'Saachen eraus, et fällt eng kleng helzen Këscht eraus.)  
Dass du keen Wuert dem Kaputcho verréits, verstaan?  
Am beschten, du verschwénns elo gläich. Maach keen esou  
bedäbbert Gesiicht! T'ass jo nëmme Spaass, du wärs dach  
nach gären ee Spaass maachen!

IV

(Si sin just färdeg, d'Këscht ze verstoppen. Den K. kënt umarschéiert, marschéiert stolz op der Plaaz, fir et dem Sch. virzeféieren.)

- K.: Do staunst de! Phantastomatesch!
- Tr.: Prima (helt him d'Tromm of, hänkt dem Sch. se ëm)  
Sou, elo ass et un dir, Eent-zwee-eent-zwee.  
(Sch. geet eraus - Et kënt spéider een aneren Sch. erëm)
- K.: (weess et schons besser) Du mechs dat ze schnell. Du bass  
zevill opgeregt, Schuggel. Lues, mat Gefill.  
(Zum Tr.) Deen ass einfach ze domm duerfir!

- Tr.: Dat hat ech jo gläich gesin. Do bass du dach een  
aaneren Typ.
- K.: Fénns de?
- Tr.: Ech verstin iwerhaapt nët wéis, du esou ee Frend kanns  
hun. Deen ass jo pläm - pläm (Tippt sech mam Fanger  
un d'Stiir)
- K.: Bein.....
- Tr.: Wou kennt deen Zwerg iwerhaapt zu sou enger Këscht?  
Déi ass jo besser wéi deng!
- K.: Dat ass nët wouer! Meng... (miirkt elo, datt seng Këscht  
net méi do ass) Meng Këscht! Meng Këscht ass fort,  
... meng Këscht, wou ass meng Këscht?
- Tr.: Deng Këscht! Du mechs Witzten!
- K.: (sicht iwerall) T'huet een meng Këscht geklaut, gebotzt,  
geschubbt. Hues du nët gesin, ween se geholl huet.  
Meng Këscht! *Hues*
- Tr.: Ech hun näischt gesin, ech hun dir eng ganzen Zäit noge-  
lauschtert, Hm, hm, ... a wanns du mol géifs bei dengem  
Frend Schuggel nofroen.
- K.: Deem, knallen ech awer eng, wann deen dat gemaacht huet.  
Ech gin en sichen!
- Tr.: (hält en op) A wann hien et net zougët. Du muss dech richtig  
uleen.
- K.: Wat soll ech do maachen?
- Tr.: Du muss soen: Entweder ges du mir meng Këscht erëm, oder...
- K.: Oder?
- Tr.: Ech huelen mir eppes vun dir.
- K.: Wat dann?
- Tr.: Wat dann?
- K.: Ech hun awer näischt vun him.
- Tr.: Da kuck emol ronderëm.
- K.: Ech gesin näischt.
- Tr.: A wat ass dat hei?
- K.: Dem Schuggel seng Këscht.
- Tr.: Dat hat awer laang gedauert. Hëls du meng Këscht, dann  
huelen ech deng Këscht.
- K.: Villäicht war et awer guer nët den Schuggel!
- Tr.: Ween soll et da soss gewierscht sin. Elo spillen mir deem  
emol eng. Mir verstoppen einfach seng Këscht. Dat gët ee  
Gaudi!



- Tr.: (kommandéiert) Untrieden! Drecken, drecken! Eent an eent, an zwee an eent, an dräi!
- K.: Déi ass schéi schwéier!
- Tr.: Kee Problem! An eent a véier an eent a fennef!  
(Si drecken d'Këscht vun der Bühn. Puer Sekonnen méi spéit kënnt den Schuggel stolz zereck marschéiert. Hien schléit kräfteg op d'Tromm, mecht ee groussen Krees iwert d'Bühn, miirkt nach nèt, datt en eleng ass.)
- Sch.: (iwert d'Schëller) He, Kaputcho! du sees näischt, do bass de paff! Gutt, hein? Päng, päng, päng, tärä!  
(Hien dréihnt sech ëm) Kaputcho? Kaputchiino!  
An d'Këscht ass och fort! Ech sin ganz eleng op der Welt. Kaputchiino! Meng Këscht!  
~~(Den K. an den Tr. kommen erëm. Den K. verstoppt sech ëmmer eesselchen hannert dem Tr., kuckt ängstlech op den Sch.)~~
- Sch.: (opgeregt zum K.) Meng Këscht ass fort! Et huet een meng Këscht geklaut!
- Tr.: Dat gët alles ennersicht, genee ennersicht. Wéi stees du iwerhaapt do. Hues du domat op d'Tromm geschlo? Schlo emol nach eng Kéier!
- Sch.: (schléit ganz traureg op d'Tromm)
- Tr.: Einfach nèt ze gleewen! T'get héich Zäit, datt dir richtig marschéiert. Gef emol hei! (Hien häkt sech d'Tromm erëm un) Schuggel! Du marschéiers viir! Zefridden?
- Sch.: T'lass mir alles egal, wann ech meng Këscht nèt hun!
- Tr.: Denk elo nèt un di Këscht! T'get genee ennersicht!  
Da marschéiert den K. eben viir. Opgestallt. Wann ech soen: lass, dann geet et un! Eent - zwee - wéi dir et geléiert hut. De lenke Fouss fänkt un. Wou ass dee lenken Fouss?  
(Den Sch. weist traureg den lenken Aarm, den K. eifreg de rechten Fouss)
- Tr.: (tréppelt en allen zwee op den lenken Fouss)  
Dat ass de lenksen Fouss, dee fänkt un. Achtung, marche!  
Eent - zwee - eent - zwee! Ram- Ram - Ram - ta - ta - ta.  
Sou ass et richtig. Prima - Excellent....  
(Den K. an den Sch. marschéieren am Krees iwert d'Bühn, den Sch. t'éischt ouni Freed, dann ëmmer méi begeeschtert. Den Tr. zitt sech onopfälleg zereck vun der Bühn. Seng Kommandoen kommen ëmmer vun méi wéit. Schliesslech héiert een, wéi de Motor vun engem Camion ugemaacht get, an de Camion fortfiirt. Di zwee rennen vir op d'Bühn)

Camion

Hole

- K.: Dee fiirt fort!
- Sch.: Einfach fort!
- K.: Dee Knaschtert!
- Sch.: Deen Gauner!
- K.: Wann ech deen eng Kéier erwéschen!
- Sch.: Dat war kee Frënd, deen huet nëmme sou gemaacht!  
(Kurz Paus, dann den K. mat klenger Stëmm)
- K.: So, Schuggel.
- Sch.: Ja?
- K.: So, Schuggel ech muss dir eppes soen!
- Sch.: Ja?
- K.: Deng Këscht...
- Sch.: Wat ass mat menger Këscht?
- K.: Déi ass an sengem Camion. (Schnell) Ech wollt se nëmme e besselchen verstoppen, ganz bestëmmt, ech hätt dir se gläich erëngin.
- Sch.: Du bass mir ee schéine Frënd. (Späizt virun hien) Dat hätt ech dir ni zougetraut.
- K.: Et deet mer leed.
- Sch.: Et deet dir leed, dat notzt mir guer näischt méi!  
(Paus) So, Kaputcho!
- K.: (traureg) Kaputchiino.
- Sch.: So, Kaputchiino, ech muss dir och eppes soen.
- K.: So nëmme....
- Sch.: Mat denger Këscht ass och eppes Schlemmes....
- K.: (paakt et) Meng Këscht! Wat hues du mat menger Këscht gemaacht?
- Sch.: ~~Deng Këscht hues mir an menger Këscht gesot~~
- K.: An deng Këscht?
- Sch.: Hien huet gesot, t'wäre nëmme Spaass. Ech wollt dir se gläich erëngin. Mä, wéi kann ech dir se elo erëngin, wann meng Këscht och fort ass.
- K.: Du bass mir ee schéine Frënd. (Späizt virun hien) Dat hätt ech ni vun dir geduecht.
- Sch.: Deen huet eis allenzwee bedrun, deen Näischnotz. Deen huet eis, een géint deen aaneren, opgestëppelt.
- K.: T'ass alles komm, well mir net zesammeghaalen hun.
- Sch.: Mir sin selwer schold.
- K.: Hien hat et awer och einfach mat eis, gläich has du dein Kaputchiino vergiess!
- Sch.: An du dein gudden Schuggeli!

*— 192. 191. 190. 189. 188. 187. 186. 185. 184. 183. 182. 181. 180. 179. 178. 177. 176. 175. 174. 173. 172. 171. 170. 169. 168. 167. 166. 165. 164. 163. 162. 161. 160. 159. 158. 157. 156. 155. 154. 153. 152. 151. 150. 149. 148. 147. 146. 145. 144. 143. 142. 141. 140. 139. 138. 137. 136. 135. 134. 133. 132. 131. 130. 129. 128. 127. 126. 125. 124. 123. 122. 121. 120. 119. 118. 117. 116. 115. 114. 113. 112. 111. 110. 109. 108. 107. 106. 105. 104. 103. 102. 101. 100. 99. 98. 97. 96. 95. 94. 93. 92. 91. 90. 89. 88. 87. 86. 85. 84. 83. 82. 81. 80. 79. 78. 77. 76. 75. 74. 73. 72. 71. 70. 69. 68. 67. 66. 65. 64. 63. 62. 61. 60. 59. 58. 57. 56. 55. 54. 53. 52. 51. 50. 49. 48. 47. 46. 45. 44. 43. 42. 41. 40. 39. 38. 37. 36. 35. 34. 33. 32. 31. 30. 29. 28. 27. 26. 25. 24. 23. 22. 21. 20. 19. 18. 17. 16. 15. 14. 13. 12. 11. 10. 9. 8. 7. 6. 5. 4. 3. 2. 1.*  
*Kammjant*

K.: Mir sin selwer schold.  
(Traureg setzen si sech op déi Plaazen nidder, wou virdrun hir Këschten stungen. Den Sch. fänkt un, wéi ufanks, Gymnastik ze maachen. Den K. hëlt seng Zännbiischt eraus an biischt seng Hoer an seng Schung. Doteschend:)

Sch.: Du hues et gutt. Du hues wéinstens nach eng Këscht an eng Zännbiischt.

K.: Du hues dach nach deng Fläsch.

Sch.: Déi ass eidel.

K.: Meng Këscht och! (Si beschäftegen sech weider) Ech hun emol een kannt, dee konnt op enger Fläsch tûten, wéi ee Scheff.

Sch.: Op enger Fläsch?

K.: Jo, esou: (Hien probéiert, et kënnt awer nëmmen en armséilegt Gepiips)

Sch.: Loss mech emol probéieren. (Hien probéiert mam selweschten Resultat, den K. ënnersicht an der Zéit seng Këscht.)

K.: Eigentlech gesäit se aus wéi ee Camion! Wann een sech nach d'Scheinwerfer drun denkt!!

*Camion*

Sch.: An d'Wieder!!!  
(Den K. ass opgestaanen an dreckt am Becken, d'Këscht iwert de Buedem, et héiert een ee Kaméidi vum engem Motor. Paff hält hien op, den Kaméidi och. Hien dreckt erem wéineg virun; de Kaméidi fänkt gläichzäiteg un. Den Sch. kuckt op, an kuckt fasziniert no. Den K. dreckt d'Këscht iwert d'Bühn hannert eng Kulisse. Wéi en hannert der Kulisse erem optaut ass d'Geknatters méi haart, an d'Këscht méi grouss gin)

Sch.: Kaputchiiiiino, kuck emol!

K.: (hält op, de Kaméidi ass fort) Wat ass?

Sch.: Deng Këscht ass méi grouss gin.

K.: Méi grouss?

Sch.: Fuer däch nach ronderem!  
(Den K. dreckt d'Këscht, elo méi schnell, e puermol hannert den Kulissen durch. All Kéier, vertauscht hien hannert der Kulisse, d'Këscht mat méi enger grousser, an den Knatter-Kaméidi gët all Kéier méi haart. Schliesslech ass d'Këscht esou grouss wéi di al. Ouni Otem bleiwt hien an der Métt vun der Bühn stoen)

*Sch. 17  
17. 16. 15. 14. 13. 12. 11. 10. 9. 8. 7. 6. 5. 4. 3. 2. 1.*

- K.: Ech kann net méi. Déi Këscht ass mir ze schwéier.  
(Wescht sech de Schweess of)
- Sch.: Dat ass eng Këscht, esou grouss wéi eis geklauten!
- K.: (geseit et och elo) Phantastomatesch! (Hien geet ronderëm,  
klëmmt dran)
- Sch.: So Kaputchiino!
- K.: Tonnendecken Gas.
- Sch.: Kaputchiino, dat ass dach eis Këscht, ech mengen, se  
gehéiert eis zwee!
- K.: Mir hun se mateneen entdeckt, komm eran, ech hellefen dir.  
(Hien zitt den Sch. an d'Këscht) Eng winnerschéin Këscht!  
Eis Këscht! An esou gemittlech!  
(mecht wéi ee Motor)
- Sch.: (mecht mat)
- K.: Opgepasst! Eng Kéier! Rausleen! (Hien leet sech esou  
wäit eraus, datt en bal erausgefall ass. Den Sch. zitt en  
erëm eran)
- Sch.: Geseis de, dat kann een nëmme zu zwee. Zu zwee kann ee vill  
besser spillen. (maachen elo wéi e Polizeiauto)
- Sch.: (jäitzt ganz haart, fir den K. ze iwertéinen) Ech kennen  
och ee Lidd vun enger Këscht. Ech hat dir et virdrun net  
gesot.
- K.: Wéi heescht et dann?
- Sch.: Sieben Polizisten!
- K.: Kennen ech!
- Sch.: Firwat hues du et dann net gesong?
- K.: Et ass dach mat Polizisten!
- Sch.: A mat Këschten (Fänkt un ze sangen, den K. sengt mat)

Sieben Polizisten  
Fielen in drei Kisten  
Da -  
Schrieben di Juristen  
Sieben lange Listen  
Ueber di vermissten  
Sieben Polizisten

(Während deenen leschten Téin héiert een eng Trommel. Den Tr. kennt  
erëm. Um Kapp huet hien een aaneren Hutt, huet eng falsch Nues, villäicht  
spillt en een aanert Instrument. Et kann och een aaneren Spiller

Wieder aus.  
Aus.  
Aus!

Strichen die Juristen  
Ihre langen Listen  
Ueber die vermählten  
Sieben Polizisten

verkleet zereckkommen. Hien marschéiert, wéi di éischte Kéier, iwert d'Bühn. Nëmmen, des Kéier beuechten di zwee an der Késcht, hien guer nèt, well se intensiv mateneen spillen. Nodeems den Tr. ouni Erfolleg, versicht huet sech bemiiirkbar ze maachen, bleiwt hien stoen, an ried si un)

Tr.: Ah, dir zwee! Marschéiert dir nèt mat?  
Eent-zwee-eent-zwee. Ganz zackeg!

K.: Keng Loscht!

Sch.: Mir spillen!

K.: Course-Auto! Rrrrrrrrr

K.+Sch.: Rrrrrr - Rrrrrr

Tr.: Course-Auto! Lächerlech!

Sch.: Eis gefällt et!

Tr.: (zum K.) Dee Klengen hélt de Mond jo schéin voll!

K.: Du brauchst jo nèt ze lauschten!

Sch.: (triumphéiert) Du kannst och roueg goen, t'hält keen dech op!

Tr.: Dat wärt ech och maachen. (Mecht ee leschten Versuch) E wéine marschéieren géif iech gutt doen, zemols deen decken Här da  
Da wär e wéineg méi Plaaz an der Késcht!

(laacht fiirchterlech haart, a versicht den Sch. op seng Säit ze kréien)

Sch.: (ganz réservéiert) Mir hu Plaaz genug!

K.: ~~Besser~~ deck wéi domm!

Tr.: Billtich nëmmen näischt op är Kescht an. Course-Auto!  
Dir sitt vill ze domm fir richtig léieren ze marschéieren  
Dat ass et! Domm! Course-Auto! (geet rosen fort)

K.: Verschwann, soss maachen mir dir Been (Hien mecht wéi wann hien aus der Kescht wellt klammen. Den Tr. rennt schnell fort)

Sch.: Ja, Been! A Féiss, maachen mir dir. Deem hat ech es gin!!

K.: ~~Phantastomatesch!~~ Wat spillen mir elo?

Sch.: Sangen!

K.: A wat sangen mir?

Sch.: Zweet Strophe!

K.: Zweet Strophe, ganz gutt! Ween fänkt un?

Sch.: Mir zwee! Friendschaft mecht staark!

K.: Mir zwee! Ganz richtig!

Sieben Polizisten  
Stiegen aus den Kisten  
Wieder raus  
Da -

(Den K. an der Sch. sangen zesummen d'Lidd an verschwannen während der viirleschter Säil an der Kescht. Dann strecken se nach eng Kéier de Kapp eraus, fir dat lescht Wuert "aus" ze sangen a verschwannen definitiv)